



Communiqué de presse

E Revisör vu Péitersbuerg kënnt op Groussbus !

“... Inkognito...an heemlecher Missioun !”

An enger klenger Stiedchen – vergiess a verluer um Enn vun der Welt – stiechen s'all ënner enger Decken. Eng Hand wäscht déi aner. Am Spidol wuchert den Dreck bis op de Gank. De versoffene Schreiwert uerteelt um Geriicht wéi et em an de Kapp kënnt, därbants de Riichter op d'Juegd geet. Justiz, Post, Schoul- a Gesondheetswiesen, all si se korrump bis op d'Schanken.

Si verjuppen, verspillen a verspekuléieren d'Suen déi se vum Stat kréien. Am Fong kéint et sou viru goen wa net op eemol de Revisör kéim ! Et heescht de Revisör wier inkognito ënnerwee. De Beamten a politesch Responsabelen, virop dem Buergermeeschter geet de Wapp.

Ëm déi nämmlecht Zäit logéiert e jonke Bonvivant vu Péitersbuerg am Duerf. Zanter zwou Woche lieft en op Puff a well se hie fir de Revisör halen, gëtt en zerguttst bestach. Déi Sue kommen deem jonke Profitör grad richtig, an en dreift säi Spillche bis op d'Spëtz...

“De Revisör” ass di 13. Produktioun vum Schankemännchen di dëst Joer vum 20. bis den 29. Juli am Prommenhaff zu Groussbus opgefouert gëtt. Dem Nikolai Gogol säi Komédistéck vun 1836 gouf heifir an d'Lëtzebuergesch iwverdroe vum Claude Mangen. Et ass eng batterbéis Kritik un enger korrupter Politik, eng Gesellschaftsfarce, déi Gurmangsegheet a Verlügenheet am Grouse wéi am Klenge lächerlech mécht !

Ronn 30 Akteure stinn ënnert der Regie vum Claude Mangen op der Fräilichtbühn am Prommenhaff. Déi oppen an einfach Bühn ass no beim Public an d'Inzenéierung vum Claude Mangen léisst vill Raum fir Text a Spill. Hie verzicht bewusst, mat just 7 Hockeren, op vill Requisiten. Den Nikolai Gogol weist e Spill mat Verwiesslungen, wou d'Komik doduerch entsteet, dass d'Personnagen am Stéck getäuscht ginn, den Zuschauer awer vun Ufank u Bescheed weess. Mir hunn et zwar mat eenzele Persounen ze dinn, ma um Enn ass déi ganz Gesellschaft korrump an 't ass kee propperen ënnert en. Wat de Buergermeeschter derzou féiert ze soen: *“An d'Vollek laacht a klappt an d'Hänn. Wouriwwer laache se? Se laachen iwwer sech selwer.”*

Gespillt gëtt vum 20. Juli bis den 29. Juli zu Groussbus am Prommenhaff.

Reservatioun: 671 222 224 oder op www.schankemaennchen.lu